



Groupe parlementaire

N°193  
Entrée le 17.01.2024  
Chambre des Députés  
Déclarée recevable et urgence reconnue  
Président de la Chambre des Députés  
(s.) Claude Wiseler  
Luxembourg, le 17.01.2024

Här Claude Wiseler  
President vun der Deputéiertechamber  
19, um Krautmaart  
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, de 17. Januar 2024

Här President,

esou wéi den Artikel 81 vum Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës dréngend parlamentaresch Fro un den Här Banneminister weiderzeleeden.

Uechter d'Land sinn d'Zerwässer vu Staat a Gemengen an och d'Leit mat enger akuter Erausforderung duerch Schnéi a Glatäis konfrontéiert. Vill Proprietäre vu Privathaiser a Geschäfte stellen sech wéi sou dacks an där Situatioun d'Fro wéi eng Responsabilitéite fir d'Garantie vun der Sécherheet um Trottoir laanscht hir Gebaier dëst fir si mat sech bréngt.

Fir hei Informatiounen ze ginn, hat RTL ënnert dem Titel "*Wien ass responsabel fir den Trottoir, wann ech net doheem sinn?*" de 16. Januar en Artikel mat engem Iwwerbléck iwwert déi wichtegst Modalitéite publizéiert. Um Enn vun deem genannten Artikel gëtt allerdéngs och de Maître Krieger mat follgender Ausso zitéiert: "*No der Publikatioun vun eisem Artikel huet de Maître Krieger preziséiert, datt en Trottoir zu der Voie publique gehéiert an d'Sécurité publique op dësen deemno gesetzlech ënnert d'Responsabilitéit vun der Gemeng fällt. Zwar géinge vill Gemengen an hire Reglementer festhalen, datt d'Bierger fir d'Sécherheet op den Trottoire responsabel sinn, ma d'Gesetz stéing allerdéngs ëmmer nach iwwer de Gemengereglementer*".

An deem Zesammenhang géif ech dem Här Banneminister gär dës dréngend Froe stellen:

- 1) Deelt den Här Minister déi juristesche Interpretatioun vum Maître Krieger? Falls net, firwat net? Wéi eng gesetzlech Texter reegelen déi Matière?
- 2) Gesäit den Här Minister vir, d'Gemengereglementer déi d'Responsabilitéit vun der Sécherheet op den Trottoiren un d'Bierger delegéieren, op hir Legalitéit ze préiwen an se opzefuerderen, dës ze revidéieren, fir eng kloer Rechtssécherheet fir all d'Bierger hei am Land ze schafen? Falls net, firwat net?

Mat déiwem Respekt,

Fernand Kartheiser  
Deputéierten



**Äntwert vum Här Inneminister, Léon Gloden, op d'parlamentaresch Fro n° 193 vum honorabelen Deputéierte Fernand Kartheiser zum Sujet "Déneigement des trottoirs"**

**Fro 1**

Den Trottoir gehéiert dem Code de la route no zur Voie publique<sup>1</sup> an doduerch sinn d'Gemengen och Propriétaire vun den Trottoiren, déi op hirem Territoire leien. D'Gemengen hunn also d'Garde iwwert hir Trottoiren a sinn, als Gardien, zoustänneg fir den Entretien vun den Trottoiren, dëst op Basis vum Artikel 1384, Alinéa 1, vum Code civil<sup>2</sup>.

Dëst verhënnert awer net, dass eng Gemeng, iwwert de Wee vun engem Gemengereglement, d'Obligatioun vum Entretien un d'Bierger weider gëtt, net nëmmen op Basis vun den Dekreter vun 1789 an 1790, mee och op Basis vum Code pénal, Artikel 551, Punkt 3, dee beseet : "*Seront punis d'une amende de 25 euros à 250 euros : (...) Ceux qui auront négligé de nettoyer les rues ou passages, dans les communes où ce soin est mis à la charge des habitants; (...)*". D'Gemengereglementer, déi dem Bierger d'Obligatioun octroyéiere fir d'Trottoiren ze botzen, exekutéieren an deem Sënn eng Virgab vum Code pénal um lokalen Niveau.

Gëtt et an enger Gemeng keen esou ee Reglement, bedeit dat awer net, dass d'Bierger dispenséiert sinn, den Trottoir virun hirer Hausdier ze botzen. D'Jurisprudenz<sup>3</sup> präziséiert, dass all Bierger, als "Personne prudente et diligente" op Basis vun den Artikelen 1382 an 1383<sup>4</sup> den Trottoir vu Schnéi, Glatäis a Laf muss fräi maachen.

D'Gemengen an d'Bierger sinn also zesammen dofir zoustänneg, dass d'Trottoire gebotzt ginn.

---

<sup>1</sup> Arrêté grand-ducal modifié du 23 novembre 1955 portant règlement de la circulation sur toutes les voies publiques, **Art. 2.** (...) 1.1. Voie publique: toute l'emprise d'une route ou d'un chemin ouverts à la circulation publique comprenant la chaussée, les trottoirs, les accotements et les dépendances, y inclus les talus, les buttes antibruit et les chemins d'exploitation nécessaires à l'entretien de ces dépendances; les places publiques, les pistes cyclables et les chemins pour piétons font également partie de la voie publique

<sup>2</sup> **Art. 1384.** On est responsable non seulement du dommage que l'on cause par son propre fait, mais encore de celui qui est causé par le fait des personnes dont on doit répondre, ou des choses que l'on a sous sa garde.

Les parents, en tant qu'ils exercent l'autorité parentale, sont solidairement responsables du dommage causé par leurs enfants mineurs habitant avec eux.

Les maîtres et les commettants, du dommage causé par leurs domestiques et préposés dans les fonctions auxquelles ils les ont employés.

Les artisans, du dommage causé par leurs apprentis, pendant le temps qu'ils sont sous leur surveillance.

La responsabilité ci-dessus a lieu, à moins que les parents et les artisans ne prouvent qu'ils n'ont pu empêcher le fait qui donne lieu à cette responsabilité.

<sup>3</sup> TA de Luxembourg, 06.05.2011, n° du rôle 132711, CA, 30.04.2003, n° 26545 du rôle : « (...) ; on ne saurait non plus, compte tenu des chutes de neige et du gel subséquent, reprocher à la commune Y de ne pas avoir immédiatement nettoyé routes et trottoirs dès la survenance du verglas étant donné qu'on ne saurait la contraindre de combattre le gel en même temps sur l'ensemble du territoire de la commune dès son apparition et de maintenir de façon permanente toutes les routes et tous les trottoirs dans un état parfaitement dégagé et entretenu. ».

<sup>4</sup> **Art. 1382.** Tout fait quelconque de l'homme, qui cause à autrui un dommage, oblige celui par la faute duquel il est arrivé, à le réparer.

**Art. 1383.** Chacun est responsable du dommage qu'il a causé non seulement par son fait, mais encore par sa négligence ou par son imprudence.



LE GOUVERNEMENT  
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG  
Ministère des Affaires intérieures

## Fro 2

Op Basis vun der Äntwert zur Fro 1 ass et net néideg, d’Gemengereglementer op hir Legalitéit ze préiwen.

Lëtzebuerg, den 23.01.2024.  
Den Inneminister  
(s.) Léon Gloden